Mine SME 1889

Wou ass des Galerie vun der SME zu Rëmeleng ?

Gi mär emol dovunner aus dass des Galerie vun der SME aus dem Joer 1889 zu Rëmeleng wor, da kommen just 3 Plaatzen a fro wou Metz et Cie Concessionen haten.

Mine Rembur, déi ass auszeschléissen. Hei stemmen Entréen an och Gleiser net mat eiser Foto iwwerdeneen. Concession 387 Lot A. Déi ass hannert der Intermoselle a geet a Richtung Esch/Hiel. Och hei fanne mär nächt wat eiser Foto entsprecht. Dann nach Concessioun 400 Lot B Holleschberg.

Am Buch " d'Aarbecht an de Gallerien " vum Norbert Quintus fanne mär op der Säit 85 eng Kaart vum Carreau de la mine Langengrund aus dem Joer 1896.

Kuke mär eis des Kaart elo méi genau un.

Uewen riets gesi mär eng Galerieentrée. Des past och net esou richteg.

Enne riets ass nach eng Entrée ze gesinn. Hei past Mauerwierk an och Gleiser schengen genau esou ze sinn ewéi op eiser Foto. Mä wou war oder ass dat ?

An der Mett e bessien méi ennen erkenne mär zwee Gebeier. Ecurie an Bureau et forge. Dess Gebeier sinn eréicht viru Kuerzem ewechgerappt ginn. Och steet ee Moosstaw 1:1000 dropp. A mat Hellef vun deem probéiere mär elo des Galerie op engem neie Plang, ee vun Haut eremm ze fannen.



153 Neben den verschiedenen Grubengebäuden beherrschten die Gleisanlagen das Bild des „carreau de la mine". Die Karte zeigte die Gleise der Grube Rümelingen-„Langengrund" mit über 3% Gefälle (1896)

Esou direkt kenne mär awer elo net moosen, dat geet nemmen um original Plang.
Kuken mär eis elo déi zwee Gebeier un. Bürosgebei ass zirka 1,5 mol méi laang ewéi de Stall. Kuke mär eis elo d'Orthophoto aus dem Joer 2018 um geoportail un, da stelle mär fest dass hei Längeverhälltnis vun den zwee Gebeier aneschters ass. Bürosgebei gouw an der Zäit méi grouss gebaut. De Stall dee schengt awer nach esou ze sinn ewéi deemols.

Elo gi mär hinn an zeechenen um Plang eng Linn laanst d'Fassade vum Stall. (um Plang déi rout Linn) Dono zeechne mär eng zweet Linn am rechte Wenkel zu der Eischter bis bei eis Galerie (rout Linn).



Elo musse mär nach erausfannen wéi laang de Stall war. Dat kenne mär iwwer d'Orthophoto 2018 moosen. Ech hun et mat engem anere Plang, e méi genaue Plang gemach. 12,5 Meter ass de Stall laang. Mat deem Wessen gi mär eremm op eisen aale Plang zereck an droen dess Moos, 12,5 Meter op eis zwou rout Linnen op. (déi kleng rout Strecher) Elo ziele mär d'Interwallen a rechnen eis Längten aus. Rout Linn vum Stall bis bei de Kräzungspunkt mat der zweeter Linn, an dann déi aner Linn bis bei Galerie.
Wa mär des Moosen hun dann droe mär déi genau esou ewéi op eisem aale Plang op een neie Plang ee vun haut oder op d'Orthophoto op.

Dat gesäit dann esou aus. De Stall ass hei op der Foto enne riets.
A schon hu mär Plaatz vun eiser Galerieentrée erausfond. (bloe Krees) Dat selwecht mach mär mat déier anerer Entrée (um aale Plang uewen riets) an dann hu mär och déi eremm fond. (bloe Krees)

Wat stelle mär elo fest ?

Déi gesichten Entrée ass riets vun der E-Zentral oder och nach Kompresserhaus genannt. A genau hei fanne mär haut déi schéin mat Haasteng gemauert Entrée. Et ass des d'Haaptstreck Holleschbierg.
Eis Foto aus dem Joer 1889 weist eis also d'Entrée vun der Galerie déi an Concessioun Holleschberg gaang ass. D'Entrée ass méi spéit e Steck no hanne verluecht ginn. A wa mär déi aal Foto gudd kuken da gesi mär dass Galerie hei e bessien schiew, e bessien no lenks geet, genau a Richtung vun déier déi mär haut nach do gesinn.

Een anerne Unhaltspunkt fanne mär och nach op deem aale Plang.



Bei de Gleiser virun eiser Galerie stinn Zuelen. 324,... Et sinn. dess Héichtemoosen. Esou eng Héichtemoos fanne mär och um geoportail. Et ass baal déi selwecht.

Kuke mär elo nach séier op d'Stroos laanscht eis zwee Gebéier. Verlängere mär hei d'Axe (giel Linn um aale Plang an och op der Orthophoto) da past och hei alles esou zimlech.

Mär kennen also soen dass déi gesichten Galerie d'Haaptsteck Holleschbierg ass bei an déi giel Couche geet.